PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 07/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An engem Artikel op 100komma7.lu gouf an engem Interview vun engem Beamten aus dem Gesondheetsministère erkläert, dass Lëtzebuerg weider 5 Milliounen Covid-Schnelltester zum bestoende Stock vun aktuell 2 Milliounen bäikafe wäert. Wéi d'Medieplattform schreift, goufen et awer keng Prezisiounen zum Akafspräis. Zitat:

> "*De Präis vun den Tester géif tëschent 2 an 12 Euro variéieren. Wéi vill Lëtzebuerg fir seng Milliounen Tester bezuelt huet, wollt den Expert net soen. Et hätt ee sech op d'Präisleeschtungsverhältnis an op verschidde Krittäre vun der WHO baséiert, seet den [Beamten].*"

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill huet de Staat insgesamt fir déi 5 Milliounen Tester ausginn? Wat ass den Duerchschnëttspräis vun engem Test? Wat ass de Median?
2. Wéi vill huet de Staat fir dee bestoende Stock vun 2 Milliounen Schnelltester ausginn? Wat ass hei den Duerchschnëttspräis vun engem Test? Wat ass de Median?
3. Bei wéi enge Firmen goufen d'Schnelltester bis elo bestallt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député